

Lëtzebuerg, de 16. Mäerz 2021

Monsieur Fernand ETGEN  
Président de la Chambre des Députés  
LUXEMBOURG



DEMOKRATESCH  
PARTEI

Chambre des Députés  
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit, bidden ech Iech dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden:

*„Mir ass dëse Weekend vu besuergte Leit matgedeelt ginn, datt op der N7 tëscht dem Rond-Point Fridhaff an dem Rond-Point Housen ëmmer méi gerannt gëtt, sou datt et dacks zu ganz geféierleche Manöveren duerch eng vill ze héich Vitess kënn – virun allem an den Owesstonnen, wa vill Camionnette Richtung belsch Grenz heem fueren.*

*Fir sou risikoräich Bewegungen ze vermeiden, schéngen och déi fix Radaren näischt ze déngen, well jo bekannt ass, wou dës installéiert sinn.*

*An deem Kader géif ech dem Här Policeminister an dem Här Mobilitéitsminister gäre folgend Froe stellen:*

- Ass den Här Minister bereet fir d’Kontrollen op dësem Deel vun der N7 zu de bekannte Stonnen ze verstärken?*
- Wéi vill Accidenter goufen zanter Mäerz 2016 op der N7 tëscht Dikrech an der Schmëdd gezielt? Wat waren dat fir Accidenter?*
- Ass den Här Minister gewëllt, fir d’Automobilisten op dëser Strooss duerch gezielt Aktiounen oder spezifesch Panneauen ze sensibiliséieren, se sou op Geforen opmierksam ze maachen a se dozou ze féieren, déi virgeschriwwe Maximalvitess ze respektéieren?“*

9, rue du St. Esprit  
B.P. 510  
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1  
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu  
www.dp.lu

Här President, ech soen Iech villmools Merci, datt dir dës Fro  
weiderleet a gréissen Iech héiflech.

André BAULER  
Deputéierten